



## Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. 7154 - Projet de loi portant création d'une représentation nationale des parents et modification
  - 1° du Code de la sécurité sociale;
  - 2° du Code du travail;
  - 3° de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail;
  - 4° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;
  - 5° de la loi modifiée du 22 juin 2017 ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation
  - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum
  - Discussion générale: Mme Sylvie Andrich-Duval (dépôt d'une motion), Mme Tess Burton, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum
  - Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)
3. 7302 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse
  - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse: M. Gilles Baum (intervention de Mme Josée Lorsché)
  - Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch (dépôt d'une motion), Mme Simone Asselborn-Bintz, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum (intervention de M. Marc Spautz)
  - Prise de position du Gouvernement: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)
4. 7140 - Projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises et portant abrogation

- 1) des articles 2, 3, 4 et 6 de la loi modifiée du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes; et
- 2) de l'article 4 de la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1° le développement et la diversification économiques, 2° l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie

- Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton
- Discussion générale: M. Félix Eischen (interventions de M. Franz Fayot, M. Laurent Mosar et Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Joëlle Elvinger, M. Gérard Anzia, M. Gast Gibéryen, M. Marc Baum
- Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie, M. Félix Eischen (parole après ministre), Mme la Secrétaire d'État Francine Closener
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7279 - Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la Convention Benelux en matière de propriété intellectuelle (marques et dessins ou modèles), en ce qui concerne la mise en œuvre de la directive (UE) 2015/2436, fait à Bruxelles, le 11 décembre 2017

- Rapport de la Commission de l'Économie: Mme Tess Burton
- Prise de position du Gouvernement: Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7119 - Projet de loi portant:

1. transposition de la directive 2014/50/UE du Parlement européen et du Conseil du 16 avril 2014 relative aux prescriptions minimales visant à accroître la mobilité des travailleurs entre les États membres en améliorant l'acquisition et la préservation des droits à pension complémentaire;

2. modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 relative aux régimes complémentaires de pension;

3. modification de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel
- Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, Mme Joëlle Elvinger (intervention de M. Alexander Krieps), M. Gérard Anzia (intervention de M. André Bauler), M. Marc Baum
- Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale
- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Romain Schneider et M. Claude Meisch, Ministres; Mme Francine Closener, Secrétaire d'État.

**(Début de la séance publique à 14.02 heures)**

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Gudde Mëtteg! Ech maachen heimat d'Sëtzung op a ginn dovun aus, dass mer direkt zu eisem éischte Punkt vum Ordre du jour kënnen iwwergoen. An dat ass de Projet de loi 7154, deen d'Schafung vun engem nationalen Eltererot an eiser Schoul soll erméiglechen. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Gilles Baum.

### 2. 7154 - Projet de loi portant création d'une représentation nationale des parents et modification

#### 1° du Code de la sécurité sociale;

#### 2° du Code du travail;

#### 3° de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail;

#### 4° de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

#### 5° de la loi modifiée du 22 juin 2017 ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Kollegeinnen a Kollegen, bei dësem Gesetzesprojekt aus der Educationskommission geet et ëm d'Schafe vun enger national repräsentativer Elterevertriedung. Ier ech op d'Eenzelheete vum Gesetz aginn, erlaben ech mer awer, kuerz de Kader ze skizzéieren, an dee sech dëse Projekt aschreift.

D'Schoul an d'Eltere vun de Kanner hunn eng grouss Gemeinsamkeit: Alle bëid wëlle se nëmmen dat Beschit fir d'Kanner a si maachen och alles, fir dass d'Kanner kënnen Erfolleg op hirem Schoulwee hunn. Zanter dem Ufank vun der Legislaturperiod huet sech dës Regierung duerfir d'Zil gesat, fir d'Partnerschaft tëschent

der Schoul, den Enseignanten an den Elteren ze stäerken. Dat steet och kloer esou am Koalitionsaccord.

De Rôle vun den Elteren ze stäerken, dat heescht, si als Partner an der Schoul unzegesinn, si an d'Entscheidung matanzebannen, hinnen eng Stëmm ze ginn, si ze verantwortlichséieren, se net nëmmen ze informéieren, mä si och deelhuelen ze loosse. Dat schaaft e Vertrauensverhältnis, wat zu gudder Lescht natierlech jiddwer eenzelne Schüler zeguttkënnt.

A genau dat, léif Kollegeinnen a Kollegen, ass och schonn op ville Plaze geschitt. Ech denken zum Beispill un de Referenzkader vun der nonformaler Bildung, wou mir net nëmme grouss Wäert op d'Qualitéit vun der Offer gesat hunn, mä eben och op d'Kooperation mat den Elteren, déi soll gefërdert ginn. Ech denken an de Schoulen an an de Lycéeën un d'Schoulentwécklungspläng, déi sougenannte PDSen, wou d'Schoule sech jo sollen eegen Demarchë ginn, fir d'Zesummenaarbecht mat den Elteren ze verbesseren.

Mir hunn eng Lycéesreform gestëmmt, déi oppen a participativ ass. Ganz besonnesch denken ech awer och un déi nei Orientierungsprozedur am Fondamental, wou d'Eltere schonn elo ab dem Cycle 4.1, also dem fënnefte Schouljoer, méi mat an d'Prozedur agebonne ginn a mam Enseignant zesumme kënnen eng Entscheedung treffen, am Interêt vun hirem Kand.

Dir gesitt, an dëser Legislaturperiod gouf schonn esou munches gemaach, fir d'Partnerschaft tëschent der Schoul an den Elteren ze stäerken, an dëse Projekt reit sech do voll a ganz an. Et ass e weidere Schrëtt a Richtung vun engem gudde Partenariat tëschent der Schoul oder den nonformale Bildungsstrukturen an den Elteren.

Wa mir eis Bildungslandschaft esou ukucken, da sinn d'Elteren haut schonn a Kommissiounen oder a Conseile vertrueden, sief dat op kommunalem Niveau an de Schoulkommissiounen oder an de Conseils d'éducation an den eenzelne Lycéeën. Op nationalem Niveau gëtt et allerdéngs just d'Commission scolaire nationale fir de Fondamental an de Conseil supérieur de l'éducation nationale, wou just zwee Elteren dra vertruede sinn.

Nieft dëse gesetzlech verankerte Kommissiounen gëtt et och um nationale Plang nach zwou Associatiounen. Dat ass eng Kéier d'Fédération

des associations de parents d'élèves du Luxembourg, besser bekannt als d'FAPEL, déi sech fir d'Interessie vun den affiliéierte lokalen Elterevertriedungen asetzt, an d'Association luxembourgeoise de parents d'élèves de l'éducation différenciée, ALPEED.

Dat sinn, wéi gesot, Associatiounen, déi ënnert dem Statut vun enger Asbl lafen. Et gëtt also nach keng richtig, keng wierklech gesetzlech Grondlag, fir op nationalem Niveau dat ugeschwatet Partenariat tëschent de Schoulen an den Elteren ze fërderen. A genau dorëms geet et bei dësem Projet de loi. Mir schafen elo déi gesetzlech Basis, fir eng national Elterevertriedung an d'Liewen ze rufen, déi demokratesch gewielt gëtt an doduerch och eng legitiméiert Stëmm am Dialog mam Educationministère kritt. Dat gëtt hir Haaptaufgab: Si gëtt d'Sproochouer vun den Interessie vun den Elteren, souwuel am Fondamental, am Secondaire wéi och an der Ediff.

Wann ee soll demokratesch gewielt ginn, da mussen natierlech och Wahlen organiséiert ginn. An dat geschitt bei dësem Projet op zwee Niveauen: eng Kéier sektoriell an eng Kéier national.

Ech fänke mat deem sektoriellen un. Et ginn dräi sektoriell Representatiounen geschafen: eng fir de Fondamental, eng fir den Enseignement secondaire an eng fir d'Éducation différenciée. Et huet een also fir all Beräich vun der Education nationale eng demokratesch gewielte sektoriell Representatioun vun Elterevertriedungen.

Wéi setze sech déi eenzel sektoriell Vertriedungen zesummen? Déi sektoriell Representatioun vum Fondamental setzt sech aus jeeweils zwee Vertrieeder pro regional Direktioun zesummen. An all Lycée wielt de Comité des parents jeeweils zwee Vertrieeder an déi sektoriell Representatioun vum Secondaire. Zu gudder Lescht setzt sech déi sektoriell Representatioun vun der Ediff aus jeeweils zwee Vertrieeder vun den Ediffszentren oder -instituter zesummen. Fir kënnen seng Kandidatur ze stellen an eng sektoriell Representatioun, muss een natierlech op d'mannst ee Kand hunn, wat an d'Schoul geet, an dat natierlech an deem Secteur, wou och gewielt gëtt; dat schéngt evident.

Souwäit zu de sektorielle Vertriedungen. Wa mir elo e Stack driwwer ginn, da komme mer bei déi national Elterevertriedung.

D'Représentation nationale des parents d'élèves de l'enseignement fondamental, de

l'enseignement secondaire et de l'éducation différenciée du Grand-Duché de Luxembourg, esou heescht se offiziell, setzt sech aus zwielef Vertrieeder zesummen. Dës kommen allegueren aus de sektorielle Representatiounen. Véier Stéck kommen aus dem Fondamental, sechs Representanten aus de Lycéeën an zwee Elterevertrieeder kommen aus der Ediff. Dëse Ratio vun den nationale Vertrieeder soll d'Schülerzuel an den eenzelne Segmenter vun der Education nationale erëmispigelen.

Wéi verlafen d'Wahle fir an déi national Elterevertriedung? De Minister convoquéiert duerfir déi eenzel sektoriell Representatiounen op d'mannst 15 Deeg am Voraus. Déi sektoriell Vertrieeder kënnen hir Kandidatur fir an déi national Representatioun bis zu dräi Deeg virum Vott stellen. Et ass e Vote secret à la majorité simple. D'Vertrieeder vun der nationaler an de sektorielle Representatiounen gi jeeweils fir e Mandat vun dräi Joer gewielt an hiert Mandat ass erneierbar.

Déi nei geschafen Elterevertriedung designéiert och zwee Leit vun hinnen an d'Commission scolaire nationale vum Fondamental, véier Vertrieeder an de Conseil supérieur de l'éducation nationale an ee Vertrieeder an de Forum orientation.

Kollegeinnen a Kollegen, déi national Vertrieeder hunn zudeem e Congé vun aacht Deeg pro Joer zegutt. Während dëser Zäit kënnen si hir Aarbecht verloossen an hire Missiounen am Kader vun der Elterevertriedung nogoen.

Zu dësem Projet de loi sinn och eng Rëtsch Avisen erakomm. Déi verschidde Beruffskummen hunn u sech d'Initiativ vun der Regierung duerchaus begréisst. Déi meescht hunn allerdéngs déi uganks méi schwéierfällg Wahlprozedur kritiséiert an och de Statsrot hat do seng Bedenken. Den Text gouf doropshin nach eng Kéier ëmformuléiert an d'Prozedur däitlech erliichtert.

Fir de Rescht géif ech lech op mäi schrëftleche Rapport verweisen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauscheren an ech ginn elo schonn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur.

**(Interruption par Mme Sylvie Andrich-Duval)**

Jo, ech hat hei en aneren Numm stoen. Selbstverständlech hutt Dir d'Wuert, Madamm Sylvie



Andrich-Duval. Ech hat och en zesummege-satenen Numm hei stoen. Mä...

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Dat ass bei deem nächste Projet, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah okay. Da fuert duer!

## Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Okay. Merci, Här President. Et ass eng laang Tradition hei zu Lëtzebuerg, Här President, léif Kolleegeinnen a Kollegen, fir d'Elteren um Schoulliewen ze bedeelegen. An och d'CSV fënnt et immens wichteg, dass d'Elteren zum Erzieungs-an och zum Bildungsoptag an der Schoul bäidroen an dass se och Partner an der Schoulgemeinschaft sinn.

An dass haut dann déi national Elterevertrie-dung eng legal Basis kritt an och legitiméiert gëtt duerch carrement demokratesch Wahlen, dat begrësse mer ausdrécklech.

Ech gräifen och dofir just e puer Punkten op.

Déi national Eltererepresentatioun represen-téiert, an dat ass och gutt esou, net nëmmen d'Grondschoul an de Secondaire, mä och elo de Secteur vun der Éducation différenciée plus aner Schoulen, déi zu Lëtzebuerg zougelooss sinn, zum Beispill privat oder international Schoulen. Si représentéiert also d'Eltere vun iwwer 100.000 mannerjärege Schüler.

D'Wahlprozedur, déi huet et a sech: D'Eltere-versammlungen aus de Grondschoule vun de 15 Schoulregiounen, déi 42 Elterecomitéen aus de Lycéëen, déi bis dato 16 Elterecomitéen aus dem differenzierten Unterrecht an d'Elteregremien aus enger ronn 20 anere Schoule gi mobiliséiert, fir fir d'Éischt zwee regional Vertrieder pro Schouletablisement ze wälen, ausser déi aner, zum Beispill déi Privat, déi wéile just een. Do komme mer summa summarum op bal 170 Vertrieder an de regionalen Delegatiounen. An dës sektoriell Vertrieder wälen dann hirsäits déi national Elterevertriebung, déi zwielef Memberen zielt. De Rapporteur Gilles Baum, deen ass drop agaangen, an ech soen him och villmools Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

D'Wahlprozedur ass Gott sei Dank no ville kri-tischen Avisen, och deem vum Statsrot, e bësse méi vereinfacht ginn. D'Remplaçantë brauchen och elo en plus net méi extra gewielt ze ginn. Mä d'Fro ass: Fanne mer genuch Kan-didaten? Dat ass eng Fro, déi opbleift. Oft melle sech nëmmen eng Handvoll Elteren. De Moment sinn an där jëtzege Federatioun vun den Elterevertrieder, der FAPEL, Memberen, déi selwer keng Kanner méi an der Schoul hunn. Egal wéi, dat Ganzt bleift awer e komplexe Sys-tem, wou ganz vill verschidden Akteuren impli-zéiert sinn a wou regelméisseg Kontakter ënnerenee solle stattfannen.

D'CSV bemängelt trotzdem, dass trotz dësem Opwand am Secondaire och net all Typ vun Unterrecht ka garantéiert vertratt sinn. Zum Beispill riskéieren d'Beruffsausbildung oder de Modulaire op der Streck ze bleiwen.

Wien nach op der Streck bleift, Dir Dammen an Dir Hären, ass d'FAPEL, d'Federatioun vun de lokalen Elterevertriedungen, déi bis dato als na-tional representativ Associatioun d'Sproochrouer war. Grad ewéi d'ALPEED, d'Associatioun vun den Eltere vun de Schüler mat spezifesch Besoinen, och a Fro gestallt ass. Den Här Minis-ter huet zwar op Nofro vun der CSV verséichert, si kéinte weider ënnerstëtzt ginn.

Fakt ass, dass mer der e puer erlee um Terrain hunn. Et gëtt nach op ville Plazen och där loka-lel Elterenassociatiounen an en plus solle jo elo déi lokal Elterevertrieder méi valoriséiert ginn, mä et si keng Rechter a Flichte festgehalen. An déi nei national Representatioun muss sech jo och emol organiséieren. Do ass deen neie Congé sécher net vu Mutterwëll. Mä et mussen och genuch Mëttel zur Verfügung stoen, soss riskéiert dat nei Organ, senger Missiounen net gerecht ze ginn; och mat där néideger Onof-hängegkeet zum Ministère, versteet sech.

Virun allem awer mussen d'Eltere sech emol an deem Ganzen erëmfannen. Et muss garantéiert sinn, dass se un hir Uspriechpartner erukom-men. Dat heescht, si müsse besonnesch op lo-kalem Niveau visibel an och accessibel sinn. A Frankräich ginn zum Beispill an de Schoulen eng Aart Pinwänn oder Brëifboitten opgestallt, wou d'Kommunikatioun ka gefërdert ginn. An et existéieren och iwwregens a verschiddenen aneren europäesche Länner aner Modeller vun nationaler oder iwwerhaapt Elterevertriebung, déi applizéiert ginn.

Dofir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir all deene Remarken och Rechnung ze droen, deposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun. Wann ech gelift!

Am Résumé steet dodran, dass, vu dass et déi verschidde Modeller vun Elterevertriebung an Europa gëtt, deen neie System awer eng gewësse Komplexitéit huet an d'Wahlprozedur ëmmer nach schwéierfällg ass an dass et och net duergeet, fir vill Vertrieder ze hunn, mä och qualitativ Kritären néideg sinn. A fir dass déi nei Elterevertriebung och soll kënnen effizient an effikass schaffen, gëtt d'Regierung eigentlech opgefuerdert, der Chamber dann an dräi Joer eng Evaluatioun vun där neier Representatioun ze presentéieren.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *notant que le projet de loi en question crée un nouvel organe officiel dénommé «représentation nationale des parents»;*

- *sachant que les divers pays européens ont mis en place des modèles très variés de représentation parentale;*

- *considérant que le nouveau système initié par le projet de loi est complexe, impliquant une multi-tude d'acteurs;*

- *constatant que la procédure d'élection est assez lourde;*

- *convaincue qu'une organisation représentative au niveau national devrait non seulement res-pecter des critères quantitatifs mais également des éléments qualitatifs;*

- *soulignant que la nouvelle représentation na-tionale devrait accomplir de façon efficiente ses fonctions et missions,*

*invite le Gouvernement*

- *à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi une évaluation de la nouvelle représentation na-tionale des parents.*

(s.) Sylvie Andrich-Duval, Gilles Baum, Tess Burton, Lex Delles, Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, Fernand Kartheiser, Josée Lorsché.

An ech si frou, mir hate virun e bësse rieds ënnert den eenzelne Fraktiounskolleegen, dass do eng breet Zoustëmmung eventuell fir déi Motioun do wär. Dat wär natierlech ganz flott. An domat géif ech och den Accord gi vun der CSV-Fraktioun, fir dësem Gesetzesprojet zouzestëmmen. Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Just fir ze präziséieren, dass d'Source vun dem lertum net hei am Haus war: Dir waart falsch gemellt ginn; et ass ëmgedréit.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Ah! Mir si verwieselt ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo. Wou een lech awer net ka verwieselen.

(*Brouhaha et hilarité*)

► **Une voix**.- Dat ass deen Diddelenger Charme.

(*Interruptions*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, dräi Stéck. Nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

► **Une voix**.- Véier! Véier Stéck!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, et waren der elo dräi en cause.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Gutt. Här Presi-dent, alles gekläert?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wëllt Dir och Diddelenger sinn?

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Nee, nee, nee!

(*Brouhaha et hilarité*)

Ech si gutt do, wou ech sinn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Madamm Burton huet d'Wuert.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Merci, Här Presi-dent. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollee-ginnen a Kollegen, d'Zäiten, wou den een-zege Kontakt tëschent der Schoul an den Elte-ren an enger Zensur um Enn vum Trimester be-stanen huet a wou méi Kontakt eigentlech just Problemer bedeit huet, déi Zäite si glécklecher-weis eriwuer.

De grouse Wiessel an där Hisiicht koum mat der Grondschoulreform vun 2009. Deemools sinn engersäits d'Bilansgesprécher um Enn vun all Trimester agefouert ginn, eng Geleeënheet fir d'Elteren, fir sech mat den Enseignanten net nëmmen iwwert d'Leeschtunge vun hirem Kand auszetauschen, mä och méi gewuer ze

ginn, wéi den Unterrecht ofleeft oder wéi d'Kand seng Plaz an der Klass fënnt oder och, wéi et sech sozial entwéckelt an der Commu-nautéit.

Well d'Bilansgesprécher gréisstendeels och a Präsenz vun a mat de Kanner geschéien, bidde si d'Geleeënheet fir flott Echanges, déi ganz valorisant fir d'Kanner a ganz léierräich fir d'El-teren an d'Enseignantë kënnen sinn. Anerersäits ass mat der Grondschoulreform och de Parte-nariat tëschent Schoul an Elteren institutiona-liséiert ginn. D'Eltere vun de Kanner aus enger Schoul hu bis ewell all zwee Joer hir Vertrieder gewielt, déi eng gewësse Roll an där Commu-nautéit ze spillen hunn.

Et muss een zouginn, dass dat net iwwerall d'selwecht gutt funktionéiert. A munche Schoule beschränkt sech d'Roll vum Eltere-comité op Kuche bake fir d'Schouffest, wat sécher net onwichteg ass. Op anere Plaze gëtt et e regelméisegen a konstruktiven Dialog tëschent dem Elterecomité an dem Schoul-comité, wou och Problemer thematiséiert a Léisungen zesumme fonnt ginn oder wou och heiansdo ganz nei Iddien an Initiativen ent-stinn.

Och an de Lycéë kruten d'Elteren ëmmer méi eng Roll ze spillen iwwert de Wee vun den Elterevertriedungen. Bis ewell awer gouf et keng offiziell an institutionaliséiert national El-terevertriebung. An de Projet de loi, iwwert dee mir haut hei ofstëmme sollen, wäert dat ebe maachen. Virgesi si kloer Prozeduren, wéi dës national Elterevertriebung gewielt gëtt, wat hir Roll ass a wéi se fonctionnéiert.

Wuel haten d'Eltere sech an der Vergaangen-heet organiséiert an Associatiounen a Federa-tiounen wéi der FAPEL oder der Associatioun vun den Eltere vu Kanner aus der Éducation dif-férenciée; dës hunn awer keng legal Basis ge-hat.

De Projet de loi iwwert déi national Elterever-triedung gëtt de Vertrieder deemno eng aner Legitimiatioun.

Ech wëll hei net weider op d'Wahlprozeduren an aner Detailer, Detailbestëmmungen agoen. De Rapporteur huet dat a sengem schrëft-lechen a mëndleche Rapport ganz gutt ge-maach. Deem wëll ech och heimadder nach Merci soen. Voilà!

An nach ofschléissend ze begrëissen ass a mengen Aen awer, dass d'Prozedure fir d'Wahl vun den Elterevertrieder nom Avis vum Statsrot vereinfacht gi sinn. Uganks waren do eng Rei bürokratesch Hürden ze huelen. An et ass gutt, dass do nogebessert gouf. Anerersäits ass et ganz positiv, dass an Zukunft déi national Elterevertrieder och Recht op aacht Deeg Congé hunn, fir hir Aufgab kënnen ze erfëllen. D'Partnerschaft tëschent Elteren an der Schoul ass eng gutt a wichteg Saach. An deemno muss een och déi néideg Moyenen zur Verfü-gung stellen.

Voilà, Här President, an dat gesot, wëll ech natierlech den Accord gi vun der sozialistescher Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Kultur vun der Zesummenaarbecht tëschent Schoul an Elteren ze verstärken, schafe mer mat dësem Projet de loi eng national Representa-tioun vun den Elteren. Dat ass e puermol gesot ginn an och gutt erkläert ginn.

Si regroupéiert all Niveau vum Enseignement a gëtt souzesoen zum Sproochrouer vun allen El-teregremien, déi momentan scho funk-tionéieren. Als Gréng ënnerstëtze mir natierlech dëse Schrëtt. E fëllt eng Lacune um nationalen Niveau a stellt déi wichteg Partnerschaft tëschent Elteren a Schoulen op fest legal Féiss, mat kloer definéierte Missiounen a kloer definéierte Rechter, esou zum Beispill wann et ëm nei Gesetzesprojeten oder ëm pädago-gesch Initiative geet, déi um nationalen Niveau ausgeschafft ginn. Dat alles ass begrëssens-wäert an och am Sënn vu méi Demokratie a Participatioun.

An awer, Dir Dammen an Dir Hären, kann och dëse Projet de loi keng Wonner wirken, wann et ëm Problemer geet, déi sech konkret um Niveau vun der Zesummenaarbecht tëschent Schoul an Eltere stellen. Woumat ech e sen-sibele Beräich wëll uschwätzen.

Am Laf vun de leschte Joren a Jorzéngten ass dës Zesummenaarbecht ëmmer méi komplex, méi intensiv an och méi differenziéiert ginn a stellt net nëmmen d'Schoulen, mä och d'Eltere



# Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram







viru grouss Erausfuerderungen. A Schoul- an Erzéiungsfroen ass et näamlech net ëmmer einfach, op e gemeinsamen Nenner ze kommen an d'Perspektiv vun den Eltere mat där vum Schoulpersonal an Aklang ze bréngen. Net siele schwätze béid Partie verschidde Sproochen, wat näischt mat eiser Villsproochegkeet ze dinn huet, mä ganz eleng domat, datt d'Elteren an d'Schoulpersonal net ëmmer op enger Wel-  
lelängt schwammen. Woubäi et wichteg ass ze betounen, datt d'Schoulpersonal an der Formatioun konsequent op d'Elterenaarbecht muss preparéiert ginn.

Jiddefalls kënn et an der sougenannter Schoulpartnerschaft net sielen zu Konflikter, déi ganz beläschend kënne ginn an och net zu Lëtze-  
buerger haltmaachen. An Däitschland geet be-  
spillsweis rieds vun „Helikoptereltern“, wann d'Eltere scho beim éischten Elteregespräch mat engem Affekot ugefuer kommen, fir sech an hiert Kand géint eng potenziell Iwwer-  
muecht vun der Schoul ze schützen. Proble-  
matesch, Dir Dammen an Dir Hären, ass et och, wann d'Eltere genee de Contraire maachen an hirer Verantwortung net no-  
komme respektiv all Kontakt mat der Schoul meiden. Dat kënn relativ siele vir, däréi awer och net ignoréiert ginn.

Generell ass et jiddefalls eng Tatsaach, datt d'Motivatioun vun den Elteren, um Schoul-  
liewen deelzehuelen, sech ferm a Grenzen hält, dëst virun allem a méi vulnerabele Gesell-  
schaftskreesser. D'Madamm Andrich huet et och betount. Eng Situatioun, déi an deem Kontext ëmmer nees ze denke gëtt, erlieft ee be-  
spillsweis bei de Wahlen vun den Elterever-  
trieder an de Grondschoulen. A verschiddene Schoule mat iwwer 400 Kanner kënn et et  
näamlech regelméisseg vir, datt iwwerhaapt keen oder héchstens e Grappvoll Kandidaten oder Kandidatinne sech där Wahl stellen, an dat bei engem Potenzial vun iwwer 800 Elte-  
ren!

Dat ass natierlech ganz bedauerlech. Et ass awer och verständlech. An eiser schnelliwe-  
ger Zäit si vill Eltere berufflech staark gefuerdert oder carrement iwwerfuerdert, sinn ëmmer méi oft Elengerzéier a fille sech einfach net prett oder net genuch informéiert, fir sech enger El-  
terewahl ze stellen. D'Konsequenz ass natier-  
lech déi, datt dës Eltere weder an enger Eltere-  
vereenegung oder engem Elteregrupp nach an enger kommunaler Schoulkommissioun ver-  
truede sinn an dowéinst riskéieren, den Uschloss un déi national Eltererepresentatioun  
vun Ufank un ze verpassen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat sinn ech ganz genee bei dësem Projet de loi, bei deem ech folgend Konklusioun well zéien: E féllt ganz sécher eng Lacune um nationalen Niveau, wou et bis haut keng gesetzlech definiéiert Re-  
presentatioun vun Eltere gouf. Dat ass ouni Zwei-  
fel positiv a fënnt eis Ennerstëtzung.

E Problem, dee mat dësem Projet de loi awer net geléist ka ginn, ass ebe grad d'Ennerre-  
presentatioun vun Elteren aus sozial schwache Schichten. Als Gréng si mir der Meinung, Dir Dammen an Dir Hären, datt mir eis deem Pro-  
blem an Zukunft verstärkt sollen unhuelen an alles mussen drusetzen, fir d'Elterevertriedung  
méi equilibréiert opzestellen, souzesoen als Suite logique vun dësem Projet de loi.

Dat ass bestëmmt keen einfachen Exercice, en ass awer ganz wichteg, fir de Besoinen an den Interesse vun allen Elteren an hire Kanner an der Schoulpartnerschaft gerecht ze ginn an net  
just engem Deel dovun. Inspiréiere kënne mer eis u ganz flotte Modeller, déi et am Ausland scho gëtt.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem Kolleeg Gilles Baum e grouse Merci fir säi gudde mënd-  
lechen a schrëftleche Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).** - Här Pre-  
sident, Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken dann och mat deem Merci un den Här Baum un. Dat ass wierklech och erëm eng Kéier, wéi vill  
Projeten am Educationswiesen, en zimlech komplexe Projet, a mir sinn ëmmer frou, wann hien eis duerch déi Texter féiert.

Just e puer méi politesch Bemierkungen, well ech mengen, wat de Fong vum Gesetz ugeet, hu mer jo alles héieren, wat wichteg ass.

Déi éischt ass: Wéi soll d'Relatioun tëschent dem Schoulsystem an den Eltere sinn?

Mir hunn hei heiansdo den Androck, wa mer nolauschteren, datt de Stat heimadde d'Roll

vun den Elteren unerkennt, datt e praktesch e generéise Geste mécht. Mä dat ass absolut net déi Perceptioun, déi mir hunn! Mir hunn hei e Stat, dee sech net däréi umoossen, d'Wich-  
tegkeet vun den Elteren unzëerkennen, mä d'Eltere si vu sech aus wichtig! Si hunn och dat konstitutionellt Recht dozou, well déi aktuell  
Constitutioun, déi erkennt jo der Famill Rechter zou. An de Stat huet d'Aufgab, d'Rechter vun der Famill ze verdeedegen; eppes, wat an där  
neier Verfassung leider net méi esou ass. Mä am Abléck ass d'Rechtslag esou, datt de Stat iwwerhaapt keng aner Méiglechkeet huet, wéi  
d'Wichtigkeet vun der Famill an domadder d'Roll vun den Elteren unzëerkennen. Dat hei ass also kee Geste vu Generositéit, mä eng  
Selbstverständlechkeet.

Dat Zweet ass: Wa mer hei elo higinn, wéi d'Regierung et proposéiert, a si mécht eng El-  
terevertriedung, déi si eng „national Elterever-  
triedung“ nennt, da muss een och do oppas-  
sen, datt hei net eng Verstaatlechung vum Recht op Initiativ stattfënnt. Eng Interessensver-  
triedung, eng Gewerkschaft, eng Associatioun huet ëmmer d'Recht, sech ze associéieren. An de Stat ass och gutt beroden, wann e mat  
deene schwätzt, zemoos wa se e representa-  
tive Charakter hunn, sief et fir e Schoultyp hei oder fir eng Region. An et däréi net esou sinn, datt eng nei geschafte Struktur d'Onofhän-  
gegkeet vun den Elteren allgemeng géif huelen, fir sech ze associéieren an och partikularen Interessengruppen an dat Recht fir sech an  
Usproch ze huelen, gehéiert ze ginn. Dat däréi net den Objet vun dësem Gesetz sinn.

Wann elo hei eng Struktur geschafte gëtt, da muss ee kucken, ob déi Struktur och den Usp-  
räch an den Noutwendegkeete gerecht gëtt.

Dat Éischt, wat een do ka soen, ass, datt déi zwielf Vertrie-  
der op nationalem Niveau net genuch sinn! Et sinn net genuch Leit, fir wirk-  
lech déi Komplexitéit vum Schoulsystem erëmzespigelen, déi verschidde Modes d'ensei-  
gnement, déi verschidde vläicht regional Inte-  
ressen oder aner Interessen an engem on-  
heemlech komplexen a villfältege Schoulsys-  
tem. An och de Privatsektor, den Enseigne-  
ment privé, huet seng eegen Erausfuerderun-  
gen, wou ee sech muss froen, ob déi Zuel vun zwielf wierklech duergeet.

En Argument weider, fir dat ze widderhuelen, wat ech vir-  
drun ugedeit hunn: Wann et derniewent nach aner Elterevertriedungen gëtt mat hire  
spezifische Besoinen, dann hunn déi och e Recht drop, gehéiert ze ginn.

An dat Zweet ass: Wann de Stat dann elo hi-  
geet an e gëtt sech esou eng national Struktur fir d'Elterevertriedung, wéi ass dann d'Verhältnis,  
wéi sinn d'Pouvoiren an deem Verhältnis tëschent den Elteren an dem Stat?

An hei fënnt sech erëm d'Handschrëft erëm vun engem Stat, dee mengt, e misst den Eltere  
Rechter zougestoen! Et steet am Gesetz, d'El-  
tere kënne sech autosaiséieren an iwwer Propo-  
sitions de loi a Projets de loi op Demande vum Minister Stellung huelen oder sech eben auto-  
saiséieren. De Stat seet also praktesch, wat d'Rechter si vun den Elteren!

Mir als ADR soen: D'Elteren hu Rechter. A wa si wellen zum Beispill och iwwer en Texte existant eng  
Meenung huelen oder iwwert de Schoul-  
system, esou wéi en am Abléck ass, dann ass dat och hiert Recht, och wann et net elo esou  
am Gesetz virgesinn ass. De Stat kann net hi-  
goen an och duerch eng soi-disant generéis Formulierung higoen an eigentlech eng Be-  
schränkung vun den Handlungsméiglechkeete vun Elterevertriedungen virhuelen. Dat kann et  
net sinn!

Soudatt mir eigentlech soen: Mir wëlle keng Aschränkung vun den Eltererechter. Mir wellen,  
datt et eng Selbstverständlechkeet ass, datt d'Eltererechter unerkannt ginn. Mir hätte gär,  
datt genuch Vertrie-  
der an esou enger Institu-  
tioun sinn, fir d'Komplexitéit vum Schoulsys-  
tem kënne erëmzespigelen. A mir wellen, datt de Stat d'Eltere muss héieren, an net, wéi et hei  
ugedeit gëtt, datt e se kann héieren, wann e Minister se freet, also praktesch en Akt  
vun enger Generositéit, deen net ganz konform ass mat deem Auftrag, deen de Stat an eiser Verfas-  
sung huet.

Mir kënne mat dësem System liewen, well et ass gesot ginn, datt mer jo souwisou e Problem  
hunnt, fir genuch Elterevertrieder am Abléck ze fannen. Duerfir ass et gutt, wann de Stat e  
Geste mécht, fir vläicht d'Leit ze encouragéie-  
ren, duerch extra Congéen oder esou, fir sech méi ze engagéieren. Dat ass eppes, wat mer  
prinzipiell akzeptéieren. Awer déi Manéier, wéi et émgesat ass, déi stellt eis net ze-  
fridden. Mir denken, datt d'Elteren an dësem Text net ge-  
nuch respektéiert goufen. An duerfir wäerte mir eis als ADR enthalen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Ganz gutt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Als  
leschte Riedner huet d'Wuert den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (*déi Lénk*).** - Jo, Merci, Här  
Président. Wéi Der wësst, gëtt et ganz weineg Elementer vun der liberaler Bildungspolitik, déi  
eis Zoustëmmung fannen, mä dëst ass eent. Et ass effektiv eng Lacune, déi mat dësem Text  
zougemaach gëtt, näamlech andeem eng na-  
tional Representatioun vun den Eltere mat dë-  
sem Text hei geschafte gëtt, wat domadder och  
dozou féiert, datt d'Eltere selwer als institutio-  
nellen Deel vun der Schoulgemeinschaft  
wouergeholl ginn.

Dat ass an eisen Aen e wichtige an och e  
richtege Schrëtt, dee gemaach gëtt. An duerfir  
ass dat hei en Text, deen eis Zoustëmmung  
fënnt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** -  
Merci. Dann huet d'Wuert den Här Erziehungs-  
minister.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.** - Merci,  
Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, ech  
wëll dem Rapporteur, dem Gilles Baum, Merci  
soen, deen eis an e Projet agefouert huet, dee  
vu villen hei als komplex duergestallt ginn ass,  
eng Matière, déi komplex ass, eng Matière sé-  
cherlech, déi schwierig ass, well et drëm, ze-  
summen ze liewen, zesummen ze schaffen an  
zesummen ze kucken, datt d'Kanner hire Wee  
maachen, datt se an der Schoul gutt opge-  
huewe sinn, datt se sech do entwëckele kë-  
nnen, an dorém ze kucken, wat d'Eltere vun do-  
heem aus kënne mat hirem Kand mat bäi-  
droen, an awer och an der Schoul a souguer  
um bildungspolitesche Plang, um nationale  
Plang kënne mat bäidroen.

De Gilles Baum huet et nach eng Kéier an Erën-  
nerung geruff: Dat heiten ass jo net deen een-  
zege Projet an dëser Legislaturperiod, wou mer  
probéiert hunn, d'Rechter an och d'Implika-  
tioun vun den Elteren an eise Bildungssystem  
ze stäerken. Dat gëllt an der Schoul, dat gëllt  
an der Crèche, dat gëllt also do, wou d'Kand  
direkt an där Struktur ass, dat gëllt awer och  
um lokale Plang, op Gemeengeplang.

An hei gi mer dann nach eng Kéier e Schrëtt  
méi wäit fir eng national Elterevertriedung, fir  
datt och eng Regierung, vläicht och eng  
Chamber, en Interlocuteur huet, dee represen-  
tativ fir all Mamm an all Papp hei am Land ka  
schwätzen. Dat erlaabt et eis, eng strukturéiert  
Bildungspartnerschaft opzebauen, déi sécher-  
lech nach net fäerdeg gestréckt ass mat dësem  
Gesetz, mä déi awer vun der eenzelner Struk-  
tur, aus der eenzelner Famill an dem eenzelne  
Kand, bis erop op den nationale Plang soll gël-  
len.

Ech weess, datt nach villes ze maache bleift.  
Ech weess awer...

#### (Toussotement)

Pardon.

...an ech gleewe fest dorunner, datt et der-  
wäert ass, d'Eltere méi staark mat ze responsa-  
biliséieren. Mir hu virun zwee Joer hei iwwert  
de Passage Fondamental-Secondaire diskutéiert  
gehat. Mat grousser Skepsis ass op ville Plaze  
bemierkt ginn, datt et awer komplizéiert wär a  
schwierig wär, wann d'Eltere sech do méi  
staark geife matabréngen.

Nun, elo, no deem éischte Passage vun der  
Grondschoul an de Secondaire no deem neie  
Gesetz gesi mer, datt mer Elteren an Ensei-  
gnanté quasi op enger Linn hunn, datt do,  
wou nach Desaccord ass an eenzelne Fäll, mer  
dat quasi am Promilleberäich kënnen zielen a  
mer fir all déi aner Orientatiounen en Accord  
haten, no engem Joer vun Diskussioun, vu Re-  
flexioun, vu selwer mat sech zu Chouer goen,  
ob een da vläicht a senger Positioun, a senger  
Aschätzung, a sengen Ambitiounen och richteg  
louch. Dat ouni...

#### (Toussotement)

Ech mengen, ech huelen emol eng Schlupp.  
Da geet et vläicht e bësse besser.

Dat ouni, Här Präsident, datt d'Orientatioun  
däitlech aneschtters ausgefall wär wéi all déi  
Jore virdrun, mä et gesäit een, datt et derwäert  
ass, sech do opzemaachen, d'Partner - hei an  
der Form vun den Elteren - materunzezéien,  
mat ze responsabiliséieren.

Ech mierken, et geet nach net vill besser.

#### (Toussotement)

Duerfir ass dat doten e wichtegt Element, och  
haut nach eng Kéier e wichtegt Element vun  
enger neier Kultur: eng Elteren- a Bildungspart-  
nerschaft vun der Crèche erop bis op d'Pre-  
mière. Duerfir muss mer d'Elteren awer och  
stäerken. Dat maache mer hei. Mir ginn den El-  
teren hei eng Struktur, an där se sech kënnen

artikuléieren, wou se och d'Moyene kréien,  
sech kënnen hir Meinung ze bilden.

An et ass eigentlech nëmme kohärent a kon-  
sequent, wa mer vun de Schoulen, wa mer vun  
de Crèche fuerderen, datt se sech sollen op-  
maache fir Elteren, datt se Eltere solle materun-  
zéien, wann et ëm Organisationsfroe geet,  
wann et awer och ëm Froe geet: Wat wëlle mer  
eigentlech an der Schoul? Wa mer gären hät-  
ten, datt do den Dialog klappt, da muss mer  
um nationale Plang jo awer och mam gudde  
Beispill virgoen an och do soen: „Jo, da muss  
mer och do, wa mir hei d'Gesetz stëmmen  
an der Chamber, wa mer national Bildungspoli-  
tik maachen, och do mat den Elteren, mat  
enger representativer Elterevertriedung am  
Dialog sinn, fir dat auszeschaffen, fir dat ze di-  
kutéieren, kontrovers ze diskutéieren an dann  
natierlech schlussendlech hei am Parlament  
awer zum Vott kënnen ze bréngen.“

Wa mer dat net maachen, dann, mengen ech,  
kënne mer net eescht geholl ginn an de  
Schoule respektiv an de Betreuungsstrukturen,  
wa mer grad do d'Elterepartnerschaft an d'Elte-  
reparticipatioun wellen akloen.

Et ass wouer, datt mer bis elo nom Gesetz  
vun 2009, wou mer representativ Vertrie-  
der schonn an der Grondschoul hunn, ëmmer  
erëm feststellen, datt et op ville Plazen - net  
iwwerall, mä op ville Plazen - nach net genuch  
Kandida-  
ture gëtt. Ech denken, datt dat Gesetz hei nach  
eng Kéier en Appell ass wierklech, fir ze soe:  
Wat sinn herno deng Zoustännegkeeten, den  
Kompetenzen, deng Méiglechkeeten och als El-  
terevertriedung um lokale Plang? Du bestëmms  
mat herno, wien Elterevertrieder kann um na-  
tionale Plang ginn. Du hues also och wierklech  
d'Méiglechkeet, Afloss ze huelen op déi repre-  
sentativ Meinung, representativ artikuléiert  
Meenung vun den Elteren am Land.

An dann ass et wéi esou oft: Wann een de Leit  
d'Méiglechkeet gëtt deelzehuelen, ze partici-  
péieren, da muss op där anerer Säit awer och  
kloer sinn, da mussen d'Leit mierken, datt dat  
sech och rentéiert, datt een eescht geholl gëtt,  
datt een och kann eppes bewierken duerch  
säin Engagement, Sechengagéieren, A-Reu-  
nioune-Goen. An herno eigentlech festzestel-  
len, datt een emol net richteg nogelauschtert  
kritt huet, dat ass sécherlech déi falsch Motiva-  
tioun. An do versteet een deen een oder deen  
aneren, datt en dann net méi wëllt als Eltere-  
vertrieder kandidéieren. An do droe mer alle-  
guerten eng Responsabilitéit um lokale Plang,  
um nationale Plang, fir déi Vertrie-  
der eescht ze huelen.

Ech denken net, datt een hei riskéiert, op der  
Streck ze bleiwen, wéi d'Madamm Andrich et  
formuléiert huet. Weder d'FAPEL... Mir haten  
dat doten, déi Angscht, och schonn 2009, wéi  
déi gewielten Elterevertrieder an d'Geme-  
ge komm sinn oder an d'Schoule komm sinn. Dat  
huet net derzou gefouert, datt déi Associatiou-  
nen, déi virdrun existéiert hunn, iwwerall opge-  
halen hätten.

Et ass eng flott Aarbechtsofdeelung mëttler-  
weil op ville Plazen tëschent engem Veräin als  
Elterevertriedung an de gewielten Elterevertrie-  
der. An esou kann ech mer dat och ganz, ganz  
gutt virstellen - mä dat ass net u mir ze deci-  
déieren, dat ass dann un där Federatioun ze  
decidéieren -, datt et och tëschent enger natio-  
nal representativer Elterevertriedung an engem  
Veräin, wéi et d'FAPEL ass, dann do ganz gutt  
eng Aarbechtsofdeelung ka ginn.

An dat eent schléisst dat anert net aus. Et kann  
een an der FAPEL sinn an awer en national  
gewielten Elterevertrieder sinn. Et muss een  
awer net. Ech denken, do hu mer ganz flott  
Beispiller um lokale Plang gesinn, déi mer  
herno och wäerten um nationale Plang erëm-  
fannen.

Et ass och gesot ginn, datt ee vläicht riskéiert,  
vun deem engen oder aneren Ordre d'ensei-  
gnement, awer och vläicht aus där enger oder  
anerer sozialer Schicht am Land manner Elteren  
erëmzefannen an där Vertriedung. Jo, dat ass  
eng Aufgab, déi mer sollen eescht huelen. Op  
där anerer Säit ass et awer och eng demokra-  
tesch gewielte Representatioun, wou mer net  
onbedéngt ze vill „feinstécklech“ do kënne vir-  
goen.

An ech mengen, wa mer op där enger Säit kri-  
tiséieren, et wär eng komplex a komplizéiert  
Wahlprozedur, an dann op där anerer Säit awer  
och nach eng Kéier soen: „Et muss awer och  
een aus deem Ordre de l'enseignement an een  
aus deem Ordre de l'enseignement a mat  
deem dote sozialen Hannergrond represen-  
téiert sinn“, da gëtt et nach eng Kéier méi  
komplex. An duerfir sollte mer hei eigentlech  
bei normalen demokratesche Regele bleiwen.

Här Präsident, ech hunn och absolutt kee Pro-  
blem mat där Motioun, déi hei proposéiert  
gëtt, well ech fest dervun iwwerzeegt sinn, datt  
déi Evaluatioun an dräi Joer wäert positiv ausfa-  
len, datt mer hei nach eng Kéier e Schratt méi  
no - a mir hunn der elo e puer gemaach dës





Legislaturperiod - zu enger ganz konkreter, geliefener Bildungspartnerschaft tëscht Elteren a Bildungsinstitutione kommen. Ech sinn also do ganz positiv gestëmmt. Ob ech dann nach dee Bilan wäert virleeën, dat gesi mer dann. Dat schéngt mer nach net ganz sécher ze sinn.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7154 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7154 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

57-mol Jo, 3 Abstentiounen, domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par M. Georges Engel);

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Si mer mat der Dispens d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

**Motion 1**

A vu dass et jo schéngt eng Unanimitéit iwwert d'Motioun ze ginn, sidd Der dermat d'accord, dass mer per Handophiewen ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

Wie mat der Motioun d'accord ass, ass gebieden, en Zeechen ze ginn.

Wien ass net d'accord?

Wien enthält sech?

Mir hunn Unanimitéit bei der Motioun. Ech soen lech Merci.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet 7302. Hei ass de Rapporteur erëm de Gilles Baum an et geet ëm d'Schafung vu Minicrèchen.

## 3. 7302 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Här President, wéi Der gesot hutt, et geet ëm d'Schafe vu Minicrèchen. Mä wat ass dat dann elo, eng Minicrèche? Eng Minicrèche ass en neie Modell, fir Kanner ze betreiën, e Modell, deen tëschent den Dagesmammen, wat mer kennen, an och de klassesche Crèchen, de SEAen, läit. Et ass quasi eng Tëschenetapp.

An enger Minicrèche kënnen maximal eelef Kanner betreit ginn a vun deenen eelef Kanner dierfe maximal véier Kanner ënner engem Joer sinn.

Wéi gouf déi Iddi gebuer? Ma déi Iddi ass gebuer ginn an der Educationskommissioun, wéi mer um Gesetz iwwert d'Dagesmamme geschafft hunn a wou mer eis och d'Fro gestallt hunn, ob een dat net alles kéint e bësse méi oppe maachen, ob een dat net kéint méi flexibel maachen. Et ass och eng Demande vum Secteur dobaussen, eng Demande vun den Dagesmamme konkret, déi sech d'Fro gestallt hunn, ob se kéinten hir Aarbecht e bëssen anescht gestalten, e bësse méi flexibel gestal-

ten. Et ass awer och eng Demande vun den Elteren dobaussen um Terrain, déi op der Sich sinn no méi kleng Strukturen, wou ee méi kleng Gruppe vu Kanner kann zesumme betreiën, fërderen a versueren.

Wie schafft an esou enger Minicrèche? Eng Minicrèche, déi gëtt geleet zesumme vun enger Damm, déi den Diplom als Dagesmamm huet, a vun engem Educateur. An, wéi gesot, déi këmmere sech zesummen.

**(Interruption)**

Pardon?

► **Plusieurs voix**.- Oder en Här.

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Oh, Pardon. Jo. Oh jo, dat war wierklech elo en uerge Lapsus. Ech fänken nach eng kéier vu vir un.

**(Hilarité)**

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- En „Gender-Lapsus“.

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- En „Gender-Lapsus“, kréien ech hei gesot.

Also, eng Minicrèche gëtt geleet vun enger Dagesmamm oder engem Dagespapp...

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- ...zesumme mat engem Educateur oder enger Educatrice. Voilà, ech mengen, elo hat ech awer wierklech d'ganz Panoplie hei ofgedeckt. Ech mengen, elo si mer korrekt. An, wéi gesot, si këmmere sech zesummen ëm déi maximal eelef Kanner.

Wat sinn d'Virdeeler vun enger Minicrèche? D'Minicrèche erlaabt et, an de Genoss ze komme vum CSA, vum Chèque-service accueil. An, wann de Wonsch besteet, kann eng Minicrèche och d'Formation plurilingue ubidden, dat heescht, dat spillerescht Erufëieren un eng zweet Sprooch bei de Kanner vun engem bis véier Joer, wat et dann och den Elteren erlaabt, 20 Stonne gratis Betreierung pro Woch ze kréie während 46 Wochen oder méi.

Déi Minicrèchen hei ënnerleien natierlech dem nationale Referenzkader «Éducation non formelle des enfants et des jeunes» a si ënnerleien natierlech och de Visite vum den Agents régionaux.

Wat muss an enger Minicrèche ugebuede ginn? An der Minicrèche mussen d'Kanner kënnen raschten a sech erhuelen. Et muss gewärleescht sinn, dass d'Kanner gesond z'iesse kréien. Et muss gewärleescht ginn, dass d'Hausaufgabe kënnen gemaach ginn an enger Ambiance, déi roueg ass. An d'Kanner sollen derzou erzu ginn, fir och autonom hir Hausaufgaben ze maachen. Et ass natierlech och virgesinn, dass d'Kanner regelméisseg Aktivitéiten dobaussen an der Natur ënnerhuelen, an alleguerten déi aner Aktivitéiten, déi och am nationale Referenzkader virgesi sinn.

Mir hu missen eng zweet Ronn mam Conseil d'État dréien, wat den Delai ugeet. Dat heescht, dee Projet vun de Minicrèchen hei, dee fänkt eréischt d'nächst Joer un, fir dass dee ganze Secteur och Zäit huet, fir sech ëmzestellen op déi Neierungen, wann dat dann natierlech gewënscht ass.

Et waren eng Rei Avisen erakomm. Een Avis war definitiv méi kritesch. Dat war den Avis vun der Chambre de Commerce, dee sech d'Fro gestallt huet iwwert d'Fiabilitéit vun de Minicrèchen. Ben, ech mengen, et muss een deene Saachen hei emol eng Chance ginn, fir sech ze entwéckelen. An da wäerte mer gesinn, ob dat doten effektiv en Element ass, wat complementaire ass zu där Offer, déi mer elo hunn, an ob dat doten dann effektiv souwuel dobausse vum Secteur genotzt gëtt, fir méi flexibel kënnen ze schaffen, wéi awer och vun den Elteren.

Voilà! Mat deem Gesetz leeë mer e weidere Bausteen zu enger qualitativ héichwärteger Kannerbetreierung. An ech ginn duerfir och elo direkt schonn den Accord vun der Demokratescher Partei zu deem Projet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Hetto-Gaasch.

**Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Gilles Baum villmools Merci soe fir sâi wierklech explizitte mëndlechen a virun allem awer och schrëftleche Rapport. Haut gëtt also en neie Betreierungsmodell gestëmmt, an zwar dee vun de Minicrèchen, enger neier complementaire Offer, fir d'Kanner ze betreiën, an dat an engem klengen, méi heemlegen Umfeld.

Wann ee weess, dass all Joer hei zu Lëtzebuerg zirka 6.100 Kanner op d'Welt kommen, wann een och weess, dass all Joer ronn 15.000 Leit

nei op Lëtzebuerg wunne kommen, dorënner och ganz vill Famillje mat Kanner, ech mengen, da brauch een net ganz vill Fantasie ze hunn, fir ze wëssen, dass de Besoin u Betreierungsstrukturen a Betreierungsmesurë fir eis Kanner permanent wiißt an d'Offer wierklech kontinuierlech muss ausgebaut ginn.

A ganz ville Famillje mussen d'Elteren zu zwee schaffe goen an d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff ass a bleift wierklech hautdesdaags nach ëmmer eng regelrecht Erausforderung, ganz besonnesch fir Elengerzéier an awer och fir Leit, déi op Schichte schaffen oder de Weekend musse schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begreissen d'Schafung vun de Minicrèchen. Mir maachen awer och drop opmierksam, dass dës Minicrèchë genau wéi déi konventionell Betreierungsstrukturen keen Accueil de Weekend an och net iwwer Nuecht ubidden. Dës Méiglechkeet bidden eenzeg an eleng Dageselteren un, déi allerdéngs duerch d'Gesetz vum leschten November méi geschiedegt wéi ënnerstëtzt goufen.

Hir Aarbecht tëschent 7 Auer owes a 7 Auer moies an de Weekend iwwer ass dem Minister just 4,25 Euro wäert gewiescht. A mir haten deen Tarif vu 4,25 Euro och staark kritiséiert, well mer fannen, dass et net duergeet, fir déi wäertvoll Aarbecht ze honoréieren, well et déi concernéiert Dageseltere wierklech an eng prekär Situatioun bréngt.

Wann een elo déi nei rezent Chifferen och vum Educationnsministère kuckt, da muss ee feststellen, dass d'Unzuel vun den Agreementen a Betreierungsplaze bei Dageselteren erofgeet. Wie wonnert dat? Duerfir wär et interessant, Här Minister, fir wierklech eng Analys ze maachen, wat d'Ursaachen dovunner sinn. Mir bedauren op alle Fall, dass ee wichtegt Standbeen an der Kannerbetreierung riskéiert auszustierwe faute de combattant oder awer och nach vläicht faute de soutien!

Als Äntwert op déi ënnerschiddlech Besoine vun den Eltere brauche mer awer eng grouss Diversitéit an der Offer. Nieft den Dageseltere stellen duerfir och déi Minicrèchen eng weider complementaire Betreierungsméiglechkeet duer. A mir begreissen och dësen intermédiaire Betreierungsmodell, wou sech en Educateur mat enger Dagesmamm oder soss enger Persoun mat entsprecherender Formatioun kann zesummendoen, fir d'Betreierung vun engem klengem Grupp vu maximal eelef Kanner beieneen ze assuréieren.

D'Minicrèchë kënnen den Accueil vu moies 5 bis owes 11 Auer offrëieren. Hei ginn d'Elteren dann och ganz bewusst hir Kanner an dee méi klengen, heemlege Grupp, well si der Meenung sinn, dass hiert Kand sech do besser zu rechtfinnt, well et méi eng familiär Struktur ass an och just zwou Besuchspersounen do sinn.

Wéi gesot, mir begreissen déi complementaire Offer. Mir bleiwen awer trotzdem bei eiser Meenung, dass déi gratis plurilingual Betreierung, déi déi Minicrèchen dann och dierfen offrëieren, bei Kanner ab engem Joer verfréit ass. Mir wëllen onbedéngt do, an deem Alter ganz besonnesch, de Fokus op dat Lëtzebueresch leeën, Lëtzebueresch als Integratiounssprooch.

Haaptkritikpunkt vum Statsrot an och, wéi de Rapporteur et gesot huet, vun der Chambre de Commerce bei deem ganze Konzept ass awer, dass d'Minicrèchen zu enger Concurrence déloyale kéinte féieren. Si hunn näamlech par rapport zu de Privatrechë vill manner restriktiv Oplagen ze erfëllen, wat d'Infrastrukturen ubelaangt, zum Beispill musse si kee Gaart hunn - a mir hoffe jo, dass an deem heite Fall da wierklech d'Minicrèchen dervunner profitéieren, fir weinstens mat de Kanner an en noe Bësch spilen ze goen -, awer och wat d'Sécherheet an och wat d'Qualifikatiounen vum Personal ubelaangt.

Och ass net kloer, wéi dës kleng Struktur ka fonctionnéieren, wann zum Beispill den Educateur krank gëtt an den Accueil vun de Kanner awer weider muss assuréiert ginn. Well d'Eltere musse sech jo awer kënnen drop verloossen. D'Minicrèchë mussen an eisen Aen zu all Moment eng qualitativ héichwärtig Betreierung ubidden.

Duerfir deposéieren ech och am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Motioun, an där mir froen, dass dräi Joer nom Akraaftriede vun deem Gesetz de Modell vun de Minicrèchen eng kéier op de Leescht geholl, evaluéiert a gegebenenfalls adaptéiert gëtt. Wann ech glifft, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- constatant qu'il persiste une augmentation continue de la demande de places en structures d'accueil;

- notant que le projet de loi sous référence crée un nouveau modèle d'accueil ayant pour objet de compléter l'offre existante constituée par les structures d'éducation et d'accueil et les assistants parentaux;

- considérant que les nouvelles structures initiées par le projet de loi sont soumises à des obligations et charges différentes en matière de qualification et d'expérience du personnel, ainsi qu'en matière d'infrastructure et de sécurité;

- convaincue que les nouvelles structures devraient accomplir leurs tâches de façon décente et sérieuse;

*invite le Gouvernement*

- à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation du fonctionnement du nouveau modèle d'accueil.

(s.) Françoise Hetto-Gaasch, Sylvie Andrich-Duval, Martine Hansen, Martine Mergen, Laurent Zeimet.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et ass wichteg ze kucken, wéi dës nei Form vu Betreierung sech an déi besteeënd Offer afüügt, ob se déi traditionell eventuell verdrängt, eventuell souguer zu Abuse ka féieren, andeems grouss Strukturen drun denken, sech a méi kleng Strukturen opzesplécken, fir domadder den Oploen ze entgoen an Ufuerderungen ze ëmgoen. D'Chambre de Commerce hat dat jo definitiv an hirem Avis opgefouert. Dëst soll een op alle Fall, Här Minister, wierklech am A behalen.

Dat gesot, soen ech lech awer villmools Merci alleguer fir Är Opmierksamkeet a ginn trotz eisen Iwwerleeungen a Bedenken den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

**(Interruptions)**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et war top, gellt?

**(Hilarité)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

► **Mme Simone Asselborn-Bintz**, (LSAP).- Très bien! Här President, Kolleegen a Kollegeinnen, mat deem Gesetz 7302 gëtt also d'Offer vun der Kannerbetreierung ausgeweit. Déi sougenannte Minicrèchë gi mat deem Gesetz agefouert, wat jo dann eng Aart vu Betreierung duerstellt, déi sech, an dat huet de Rapporteur gesot, tëschent den Dagesmammen an de klassesche SEAen agliddert.

Hei gëtt elo eng méi kleng, iwwersiichtlech Struktur geschafft, wat u sech nëmme vu Virdeel fir d'Kanner an och fir d'Personal a fir d'Elteren ass. D'Dagesmamme kënnen, wa se da wëllen, och vum Plurilinguismus profitéieren an eng Minicrèche grënnen, wat jo dann heescht, an dat ass jo och scho gesot ginn, dass se bei Kanner vun eent bis véier Joer déi 20 Stonne gratis Betreierung kënnen offrëieren.

Natierlech muss ee sech u verschidde Kritären halen, déi festgeschriwwen sinn a wat jo u sech déiselwecht Kritäre si wéi an jiddwer anerer Betreierungsstruktur a wéi se am nationale Referenzkader vun der nonformaler Bildung bei Kanner a Jonke sinn an am Gesetz vum 4. Juli 2008 stinn.

Besonnesch ervirzehiewen ass, dass mat de méiglechen Öffnungszäite vu 5 Auer moies bis 11 Auer owes och Elteren, déi Schichte schaffen an net d'Méiglechkeet hunn, fir d'Kanner an enger klassischer Crèche oder Maison relais versuergt ze kréien, hei kënnen dovunner profitéieren. Natierlech muss et kloer sinn, dass nëmmen déi Elteren, déi esou schaffen, och hir Butzen éischter kënnen brénge respektiv méi spéit siche kënnen kommen.

Et ass virgesinn, dass e Minimum vun zwee Leit educatiivt Personal sech ëm d'Kanner këmmere, wouvun dann een Educateur/Educatrice ass an eng weider Persoun, déi entweder Formatioun am Kader vum sozioeducativen Encaement huet oder de Certificat vun der Assistante parentale. An dat mat an Ganzen eelef Kanner gläichzäiteg, woubäi maximal véier Kanner ënner engem Joer dierfe sinn.

De Betreierungsschlüssel ass also aneschters wéi an de klassischen SEAen, also een Encadrant op sechs Kanner, egal wat fir en Alter se hunn,